

## „Antigaspi“-Charta vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung fir öffentlech Evenementer



### Kontext

Am Kader vum Kampf géint d'Liewensmëttelverschwendung huet de **Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung** (heirënner de „Ministère“) 2016 d'Sensibiliséierungscampagne „Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung“ (heirënner „Antigaspi-Campagne“) an d'Liewe geruff. Zanterhier goufen eng ganz Rei vun Aktiounen ënnert dem Titel „Antigaspi“ organiséiert.

D'Zil ass et, den Organisateuren d'Méiglechkeet ze ginn, den „Antigaspi“-Logo vum Ministère bei öffentlechen Evenementer ze benotzen, bei deenen dem Publikum lesswueren am Respekt vun de Bedéngungen, déi an dëser Charta fir de Kampf géint d'Liewensmëttelverschwendung festgeluecht sinn, ugebuede ginn.

Definitioun: Ënner „Liewensmëttelverschwendung“ versteet een all fir de Konsum durch de Mënsch bestëmmten lesswueren, déi an enger Etapp vun der Narungskette verluer ginn, ewechgeheit ginn oder verdierwen.

### Zil

D'Organisateure vun öffentlechen Evenementer duerch d'Bereetstelle vu Richtlinne fir de Kampf géint d'Liewensmëttelverschwendung ze ënnerstëtzen an ze encouragéieren, an esou déi national Campagne „Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung“ op [antigaspi.lu](http://antigaspi.lu) ze fërderen.

### Allgemeng Bedéngungen

1. Den Organisateur reecht am Virfeld eng schrëftlech Demande iwwer de Formulaire „Demande fir d'Benotze vum Antigaspi-Logo“ an, deen en op [antigaspi.lu](http://antigaspi.lu) eroflueden oder online ausfëlle kann.
2. D'Recht fir den „Antigaspi“-Logo ze benotzen, gëtt vum Ministère fir ee bestëmt Event accordéiert.
3. De Logo däerf eréischt benotzt ginn, wann d'Zoustëmmung vum Ministère virläit.
4. Wann d'Benotzung vum „Antigaspi“-Logo no enger Demande refuséiert gëtt, engagéiert de Ministère sech, dëse Refus schrëftlech ze begrënnen. Den Organisateur kann, wann hien dat wëll, déi geplangte Moosnamen änneren, fir d'Ufuerderunge vun dëser Charta besser ze erfëllen, an dann eng nei Demande areeche.
5. Fir den „Antigaspi“-Logo ze kréien, muss d'Event op d'mannst **siwe** vun de genannte Moosnamen erfëllen, woubäi d'Anhale vun den Hygiènesvirschrëften obligatoresch ass.
6. Ofgesi vun der Gréisst, déi un déi verschidde visuell Supporten ugepasst ka ginn, däerf den Organisateur d'Ausgesi vum Logo net veränneren.

## Flichten am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet

D'Hygiènesvirschrëften, dorënner d'permanent Anhale vun der Killketten, mussen applizéiert ginn. Weider Informatiounen zu dësem Theema fënnt den Organisateur um Internetsite <https://securite-alimentaire.public.lu/fr/professionnel/Denrees-alimentaires/Hygiene-alimentaire.html>.

## Technesch Recommendatiounen

1. Souwäit dat méiglech ass, a fir eventuell Reschter\* verwäerten ze kënnen, sollen déi eenzel Komponente bis de leschte Moment esou mann wéi méiglech verschafft ginn (z. B. net all d'Cruditäten oder Zaloten am Viraus mat der Vinaigrette vermëschen).  
\*Ënner „**Reschter**“ versteet een an dësem Fall deen net verkaaften oder benotzten Undeel un lesswueren, deen net am Self-Service fir de Verkaf ugebuede gouf (mat Ausnam vun de virverpaakte Liewensmëttel), an deen net iergendwéi verduerwen ass an dofir net méi vum Mënsch ka consomméiert ginn.
2. Mat Ausnam vum „Fingerfood“, a souwäit dat méiglech ass, ginn d'Platen a klengen an a grouse Portiounen ugebueden. Fir déi kleng Portiounen däerf net de Begrëff „Kannerportioun“ benotzt ginn.
3. Wann e komplette Menü zerwéiert gëtt (z. B. Entrée, Haaptplatt an Dessert), da bitt den Organisateur och op d'mannst eng Versioun vum Menü ouni Dessert un, oder esouguer all d'Platen eenzel.
4. Wann op Telleren zerwéiert gëtt, da sinn, souwäit et méiglech ass, d'Portioun moderat, an d'Méiglechkeet vun engem zweete Passage gëtt ugebueden.
5. Wann e Buffet ugebuede gëtt, ginn d'Gäscht schrëftlech (z. B. mat enger Affiche) informéiert, datt si d'Méiglechkeet hunn, sech eng zweete Kéier um Buffet ze zerwéieren.
6. Wann d'Gäscht hiren Teller net eidel iessen, kann hinnen ugebuede ginn, d'Reschter matzehuelen. An deem Fall sollen am beschte Verpackung fir Liewensmëttel agesat ginn, déi ëmmer nees benotzt kënnen ginn (z. B. Ecobox®). Hei gëtt drop higewisen, datt d'Reschter, déi op den Teller bleiwen, opgrond vun den Hygiènesvirschrëften net an d'Kichen däerfen zeréckgoen, fir ëmgefëllt ze ginn.
7. Nieft de Poubelle fir net recycléierbaren Offall gëtt de Gäscht e Behälter fir Bio-Offall, dee verwäert gi soll, zur Verfügung gestallt.
8. Bei Evenementer mat optionalem lesse soll e Reservatiounssystem fir d'lessen ageriicht ginn.
9. Um Enn vum Event sollen onverkaafte Wueren, déi net méi kommerzialiséiert kënnen ginn, vun den Organisateuren, Benevollen oder dem Personal op der Plaz kënnen matgeholl ginn, souwäit se net iergendwéi verduerwe sinn an dofir net méi vum Mënsch kënnen consomméiert ginn.  
Et gëtt drop higewisen, datt Liewensmëttel, déi zum Beispill selwer doheem agefruer goufen, op kee Fall nach eng Kéier fir zukünfteg öffentlech Evenementer benotzt däerfe ginn!
10. Den Organisateur mécht mat Affichen op säin Engagement géint d'Liewensmëttelverschwendung opmierksam.

## Kontrollmechanismus

Wann dës Charta net respektéiert gëtt, kann d'Geneemegung fir d'Benotze vum „Antigaspi“-Logo zeréckgezu ginn. Den Organisateur engagéiert sech, vun deem Moment un direkt op all Kommunikatioun, déi den „Antigaspi“-Logo enthält oder déi op eng Zesummenaarbecht am Kader vun der Antigaspi-Campagne hiweist, ze verzichten. Den Organisateur ka keng Entscheedegung fuerderen, wann d'Recht op d'Benotze vum „Antigaspi“-Logo ausgesat oder zeréckgezu gëtt.

De Ministère ka Kontrollen op der Plaz duerchféieren, ouni dass den Organisateur am Virfeld doriwwer informéiert gëtt.